



**NUIT DES MUSEES**
**11. Oktober 2025**

# *INVITATIOUN*
# *EXTRA-TOUR MAT DE FRËNN VUM NATURMUSEE*

***Léif Frënn vum Naturmusée***

No engem Joer Paus proposéieren d'Frënn erëm e gefouerten Tour duerch d'NUIT DES MUSEES, déi Geleeënheet fir a gudder Gesellschaft eng stëmmungsvoll, kulturell interessant an ofwiesslungsräich Nuecht an de Stater Muséeën ze erliewen.



**<u>Programm:</u>**

**18.00 Auer: fir e gudde Start, *Rendez-vous mat Appéro virun der Villa Vauban***

18.30 Auer: ***Une promenade à travers l'art,*** eng Féierung duerch 3 Joerhonnert Konschtschätz vum 17. bis an d'19. Joerhonnert.

Duerno e Bléck an d'Ausstellung **Viaggio in Italia,** a weider an de City Museum mat Geleeënheet fir do matzesange bei ***Sing-along*** um 19.45 an dann



20.15 Auer : ***D'Industrialiséierung an der Stad Lëtzebuerg*** eng thematesch Féierung duerch déi permanent Ausstellung vum City Museum



21.30 Auer : Arrivée am Naturmusée. Hei hutt Dir elo d'Wiel : entweder direkt dee ***kulinaresche Programm*** mat : ***Sous la terre, les racines : Variétés de soupes aux légumes-racines et herbes*** (ouni Garantie fir direkt eng Sëtzplaz ze kréien), oder awer virdrun : ***Quand le clown devient guide,*** Féierung duerch de Musée mat engem Pantomim.

Ausklénge kann een den Owend an der Cafeteria vum Naturmusée bei engem ***Concert*** vu ***The Tame and the Wild.***



Oder awer op eege Fauscht nach op de Fëschmaart an de Nationalmusée fir sech d'Ausstellung ***"Land in Motion. Transforming People and Nature"*** eng sektiounsiwwergräifend Ausstellung déi dat wiesselnd Verhältnes vu Mensch a Natur am Laf vun de Joerhonnerte beliicht a weist wéi d'Mënschen an d'Landschaften een deen aner beaflosst a gepräägt hunn.

**<u>Onkäschtebäitrag : 25 € (Appéro, Visitten, Iessen a Gedrénks abegraff).</u>**

Sidd der interesséiert un eisem gemeinsamen Tour duerch d'Muséeën deelzehuelen, mellt Iech w.e.g. u <u>*bis spéitstens Méindes, de 6. Oktober* **op info@amnhn.lu** .</u> (Maximal 25 Persounen).

Iwwerweist eis w.e.g. den Onkäschtebäitrag réischt nodeems der ugeholl sidd.

Mat beschte Gréiss vum Comité an op eng weider flott Nuecht an de Stater Muséeën.

Geneviève Faber, Sekretärin
Frënn vum Naturmusée

**Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg**
**tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - www.amnhn.lu**